N° 8316
Entrée le 14.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.09.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. September 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Scho bei senger Aféierung ass dat neit Waffegesetz ganz staark kritiséiert ginn, besonnesch och vu Leit déi Waffe sammelen. Kritiséiert gouf zum Beispill, datt d'Reegelen esou geännert goufen, datt d'Sammler konnten e materielle Schued erleiden. Verschiddener hate Waffe vollkomme legal kaf, déi méi spéit duerch déi nei Reegelen an d'Illegalitéit gefall sinn an dowéinst hu missen technesch verännert oder ofgi ginn.

An der Tëschenzäit konnte jo éischt Erfarunge mat dem Gesetz gesammelt ginn an et wär interessant gewuer ze ginn, wéi dat Gesetz an der Praxis ugewannt gëtt.

Och de Fonctionnement vun deene Servicer déi sech ëm de Waffeschäi këmmere steet geleeëntlech an der Kritik. Sou ass mir zum Beispill zu Ouere komm, datt Leit déi eng Verlängerung vum Waffeschäin ufroen heiansdo méintelaang keng Äntwert vum Justizministère kréien an eréischt op Nofro gewuer ginn, datt eventuell kéint e Problem bestoen. Et däerf een net vergiessen, datt déi Leit mussen am Besëtz vun hirem Waffeschäi sinn, fir hirem Hobby kënnen nozegoen.

Dowéinst géif ech der Madamm Justizminister gär dës Froe stellen:

1) Wei kann et sinn, datt ee staatleche Service en Dokument, ewéi zum Beispill e Waffeschäin, méi ewéi dräi Méint anhält, ouni dee betraffene Bierger ze kontaktéieren? Wéi sinn d'Prozeduren an d'Delaien an esou enger Situatioun? Wéi eng Rechter huet de Bierger an där Prozedur?
2) Wéi vill Leit sinn, dem Ministère sengem aktuelle Wëssensstand no, an enger Situatioun an där si Waffen déi si legal kaf haten, missten technesch veränneren oder ofginn?
3) Gëtt et aktuell eng Prozedur oder, wann net, ass geplangt eng Prozedur anzeféiere fir déi concernéiert Leit fir hire materielle Verloscht ze entschiedegen, amplaz datt si einfach op hir Waff mussen ouni Kompensatioun verzichten? War d' Modifikatioun a posteriori vun de gesetzleche Bestëmmunge fir déi betraffe Leit net mat den Auswierkunge vun enger Expropriatioun ze vergläichen?

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**

4) Wär et aus Fairness net sënnvoll déi aktuell gesetzlech Reegelen esou unzepassen, datt de Stéchdatum fir d'Applikatioun vun deenen neie Reegelen, och bei der Detentioun vun enger Waff, no hanne géing verluecht ginn, z.B. an d'Joer 2021, also op en Zäitpunkt op dem déi nei Reegele schonn allgemeng bekannt waren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten